FÉDUSE Enseignement CGFP

Fédération des Universitaires
au Service de l'État
**Enseignement**
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 2. Oktober 2015

# Kloertext

Esou lues a lues ranken sech di éischt Mythen em den Accord vum 31. Juli, dofir hei de Resumé als Kloertext. Wat steet also dran, an dem Accord?

## Folgendes wäert sech net änneren:

- Un den Altersdécharge gëtt näischt gefréckelt.
- Zousätzlech Aarbechten, ewéi se am Fréijoer ugeduecht woren, sinn am Kader vum aktuellen Accord keng virgesinn.

## Folgendes wäert sech dann awer änneren:

Am Schouljoer 2015/16

- fält d'**Double correction** op den Terminalesklassen ewech;
- schaffen d'Programmkommissiounen **Evaluatiounscritère** fir d'Terminalesexamen aus;
- gëtt fir all déi Fächer op Terminalesklassen, déi kee Examen hunn, ee **maximale Coefficient correcteur** vu **7/36** am **ES/EST**, **6/36** am **DT** a **5/36** am **DAP** agefouert;
- wäert an der **Formation professionnelle** duerch dee Coefficient correcteur **kee Fach ënnert Coefficient 1** falen ;
- ginn di **25 éischt Examenskopien** - schrëftlech oder mëndlech – esou wéi d'**Noexamen op der eegener Terminalesklass** net méi indemniséiert;
- gëtt d'**Surveillance** vun der eegener Klass am Examen net méi indemniséiert;
- geet d'**Indemnité de base** fir all Commissiounsmemberen - och Direktiounsmemberen a Ministerialbeamten - op **50%** erof, **statt** bis ewell **75%**;
- wäerte Ministère a Gewerkschaften se drusetzen, fir d'**Schoulzäit** op den Terminalesklassen em **2 Wochen** ze **verlängeren**, an zwar ouni dass doduercher manner Zäit fir ze verbessere bléif oder d'Schüler hir Diplomer méi spéit kréien;
- gëtt en Aarbechtsgrupp mat Vertrieder vum Ministère a vun de Gewerkschaften agesat, mam Optrag, d'Modalitéite vum **Coefficient correcteur** an der **Formation professionnelle** z'iwwerschaffen;
- wäert ee **Comité permanent** mat Vertrieder vum MENJE an de Gewerkschaften d'Ëmsetzung vum Accord iwwerwaachen, fir eventuell Problemer a Cas de rigueur aus dem Wee ze raumen;
- gëtt di obligatoresch **Formation continue** am Kader vum ACT72 op **48 Stonnen iwwer 3 Joer** eropgesat; den iwwrege Volume vum ACT72 reduzéiert sech entspriechend.

Am Schouljoer 2016/17

- sollte **Verbesserungscritère** fir d'Examensepreuven op den Terminalesklasse virleien;
- wäert normalerweis op den Terminalesklassen **2 Woche méi laang Cours** gehal kënne ginn;
- wäert folglech de **Coefficient correcteur em 2 Woche reduzéiert** ginn; fir Fächer ouni Exame geet en dann op **5/36** am **ES/EST** zréck, **4/36** am **DT** an **3/36** am **DAP**;
- wäert folglech de Coefficient correcteur fir d'**Fächer mat Exame** bei **0/36** leien, also guer net erfalen.

Konklusioun :

Och wann hei däitlech Concessioune gemaach goufen, esou sief dach drun erënnert, wat ursprénglech um Dësch louch, a wéi vill d'Verréckele vun och nëmmen 1 Altersdécharge jidderee vun eis kascht hätt.

D'Intersyndicale vun den Enseignantsgewerkschaften huet an engem haarde Mätsch dat beschte Resultat erreecht, wat den Ament denkbar war.

Nach wie vor bestehend Revendicatioune vu méi radikaler Säit si leider als net realistesch anzestufen a kënnen tout au plus nach de Corps enseignant destabiliséieren, den als Intersyndicale iwwer méi ewéi sechs Méint dem Ministère gemeinsam d'Stir gebueden huet an nach ëmmer zesummesteet.

Eventuell Zweiwel dorunner, wat den Aarbechtsgrupp oder dee Comité permanent brénge sollen, kënnen ebenfalls elo scho berouegt ginn:

- Di éischt Sëtzung vum **Comité permanent** ass schonn uberaumt an do wäert de Volet vun der **Formation continue** beschwat ginn.
- Och am Kader vun der **Formation professionnelle** weist alles dorobber hinn, dass Verbesserunge par rapport zur Surveillance an zur Indemniséierung vun der Evaluatioun vum PIF séier wäerte kënnen erreecht ginn.

Mat beschte syndikalistesche Gréiss

De Comité vun der FÉDUSE/Éducation - CGFP